

adr:

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI



Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2018

Här President,

dem Chambersreglement entspriechend, wéilt ech Iech héiflech bidden eng **erweidert Fro (Art. 82 – question élargie)** un den Här Minister fir Kooperatioun iwwer d’Kritäre fir den Agrément vun enger Net-Regierungsorganisatioun (NRO) als Entwécklungshëlleforganisatioun op den Agenda vun der Chamber ze setzen, wa méiglech an enger öffentlecher Sëtzungswoch am Abrëll oder Mee 2018.

Basis fir déi Fro sinn d’Gesetz vum 9. Mee 2012 (Art. 7), deen aktuell Groussherzogleche Reglement vum 7. August 2012 (Art. 1) wéi och déi intern Directive vum Entwécklungshëllefministère an aner Dispositiounen, déi bei enger Entscheedung vum zoustännege Minister iwwer en Agrément musse respektéiert ginn.

D’Fro betrëfft dann och déi Méiglechkeeten, déi de Staat huet, enger NRO den Agrément ze entzéien, zum Beispill, wa si géint Bestëmmungen vum Agrément handelt oder awer eng Politik bedreift, déi deenen allgemengen Ziler vun der Entwécklungshëllef oder de grondsätzlechen Orientéierunge vun der Lëtzebuerger Baussepolitik widdersprieche. Den „D“ fir „Développement“ soll jo no der Meenung vun der Regierung een Deel vun der Politik vun deenen dräi „D“ sinn, woubäi déi zwee aner fir „Diplomatie“ an „Défense“ stinn.

En zweete Volet vu menger Fro betrëfft de Finanzement an d’Begleedung vu Projeten. Wéi begleet de Ministär e Projet vun enger agrémentierter NRO, deen hie kofinanzéiert? Verléisst hie sech bei deene Projeten op d’Evaluatioun vun där ONG, déi fiederféierend ass, oder wéi eng eege, staatlech Evaluatioun gëtt zousätzlech pro Projet gemaach? Kofinanzéiert de Ministär och Projeten, déi d’ONGe mat Suen aus dem Ausland bedriewen, oder ONGen, déi och aus anere Länner oder vun aneren, öffentlechen, auslänneschen Instanzen nach finanziell Mëttele kréien?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'FK' or similar, written over a long horizontal line.

Fernand Kartheiser
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 22 mars 2018

Objet : Question élargie n° 30 du 22.03.2018 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser -
Organisations non gouvernementales agréées

Monsieur le Ministre,

Conformément à l'article 82 du Règlement de la Chambre, j'ai l'honneur de vous communiquer ci-joint une question élargie adressée à Monsieur le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés